




ALPHA zesumme
wuessen

Wéi?
Wat?
Wou?

Déi heefegst Froe vun
den Enseignanten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Inhaltsverzeichnis

ALPHA – zesumme wuessen: elo geet et lass!	4
---	----------

Schoulorganisatioun an Infrastrukturen	7
---	----------

Organisatioun vun ALPHA-Gruppen
Organisatioun vu Klassen
Ressourcen a Contingent
Grondausbildung a Formatioun
Règlement d'occupation des postes (ROP)
Roll vum Titulaire
Mathematikunterrecht
Stonnepläng a Raim

Orientatioun an Informatioun	17
---	-----------

Zäitpunkt vun der Orientatioun
Decisioun vun der Orientatioun
Kommunikatioun mat den Elteren

Didaktesch Materialien	23
-------------------------------------	-----------

Disponibilitéit
Pedagogesch Ofstëmmung tëscht den Alphabetiséierungsbücher

Formatioun an Ausbildung	26
---------------------------------------	-----------

Formation initiale a Formation continue

Wëssenschaftlech Begleedung vun der Reform	28
---	-----------

© Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse, 2026

www.men.lu
alpha.script.lu

Léif Enseignanteën an Enseignanten,

all Schoulreentrée bréngt Neies mat sech: nei Erausforderungen, nei Erwaardungen an nei Hoffnungen. Dës Schoulreentrée markéiert den Ufank vun engem wichtege gemeinsame Wee. Zesumme setze mir *ALPHA - zesumme wuessen* an alle Grondschoulen ëm - schréttweis an iwwer déi nächst Joren. Schonn an e puer Méint wäerten déi éischt Elteren entscheeden, a wéi enger Sprooch hir Kanner liesen, schreiwen a rechnen léieren. Weider ewéi bis elo op Däitsch oder, an dat ass nei, op Franséisch.



Fir alle Kanner e bessere Start an hir Schoulzäit ze erméiglechen an eiser gesellschaftlecher Realitéit e Stéck wäit méi gerecht ze ginn, wäerten eis Schoule sech an de kommende Jore weiterentwéckelen. Dat betrëfft net nëmmen d'pädagogesch Aarbecht, mee och d'Organisatioun vum Schoulalldag. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir dës Verännerunge gemeinsam erfollegräich wäerte gestalten.


Virun der Summervakanz hunn ech mech an allen Direktiounen vun der Grondschoul mat de Schoulpräsidentinnen a -präsidenten getrafft. Et war mir wichteg, nozelauschteren, Froen, Suergen a Bedenke matzehuelen, awer och do, wou et méiglech war, konkreet Äntwerten ze ginn a Léisungen ze proposéieren.

Déi 15 Reuniounen ware vun engem oppenen, éierlechen a konstruktiven Dialog gepräagt. Genee dësen Dialog ass eng wichteg Viraussetzung, fir datt *ALPHA - zesumme wuessen* eise Schoulsystem nach méi gerecht ka maachen.

Dës Broschür gräift déi wichtegst Froen an Äntwerten aus dësem Austausch nach eng Kéier op. Si soll Iech Orientéierung ginn an Iech bei der Ëmsetzung vun *ALPHA - zesumme wuessen* begleeden.

Mir bauen op wäertvoll Erfarungen: op d'Aarbecht vun de Pilotschoulen an op d'Resultater vun der wëssenschaftlecher Begleedung. Mat Ärem Engagement, deem vun de Schoulcomitéen an de Regionaldirektiounen kënne mir dofir suergen, datt *ALPHA - zesumme wuessen* fir vill Kanner nei Chancen a Perspektive schafft.

Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend



ALPHA – zesumme wuessen: elo geet et lass!

Mat der Rentrée 2026/2027 hëlt d'Reform *ALPHA – zesumme wuessen* fir d'éischt Kéier an all Schoul am Land ganz konkreet Form un. D'Eltere vu méi wéi 6.000 Kanner aus dem Cycle 1.2 hunn dann d'Méiglechkeet ze decidéieren, a wéi enger Sprooch hiert Kand wäert alphabetiséiert ginn. Den Aschätzung vum den Enseignanten¹ aus dem Cycle 1 no géife fir d'Rentrée 2027/2028 bal d'Hallschent vun de Kanner op Franséisch liesen, schreiwen a rechne léieren, wann d'Elteren dat esou decidéieren.

Provisoresch Opdeelung vun de Schüler tëscht ALPHA DE an ALPHA FR um nationale Plang:



¹ Am Text ginn nëmmen déi männlech Forme benotzt, fir datt e méi liicht ze liesen ass; et sinn awer selbstverständlech béid Geschlechter gemengt.

D'Enseignanten aus dem Cycle 1 hu sech am leschte Joer intensiv zesumme mat de Regionaldirektiounen op dës nei Etapp preparéiert. Zanter dem Start vun *ALPHA - zesumme wuessen* an de Pilotschoulen huet den Interessi un der Reform sech och an der héijer Demande u Formatiounen um *Institut de formation de l'Éducation nationale* (IFEN) erëmgespigelt. Den IFEN huet eng 683 Formatiounen organiséiert, fir déi sech méi wéi 10.000 Persounen ageschriwwen hunn.


An de rezenten Echangë mam Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude Meisch mat de Schoulpräsidente(n) an de 15 Regionaldirektiounen huet sech alles ëm déi konkreet Froen zur praktescher Ëmsetzung an Organisatioun vun *ALPHA - zesumme wuessen* gedréint.


D'Schoulpräsidente(n) aus den 164 Schoulen uechtert d'Land hu Froen, Fuerderungen an nei Iddie gesammelt, déi si mam Claude Meisch a sengen Ekippe vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) beschwat hunn.

A 15 oppenen a konstruktive Reuniounen hunn d'Schoule gewisen, wéi si sech fir dës Reform opstellen, a wéi enge Beräicher si sech prett spieren, awer och, wou si nach e Besoin un Ënnerstëtzung gesinn. Am Mëttelpunkt stoungen Theeme wéi Schoulorganisatioun, Infrastrukturen, Orientatioun vun de Schüler, didaktescht Material, Formatioun an de Feedback vun de pedagogeschen Ekippen an Elteren.

Vill Froen koumen ëmmer erëm. Dofir sinn se hei zesummegefaasst, als eng wichteg Basis fir déi weider Ëmsetzung vun *ALPHA - zesumme wuessen*.

Nieft dëser Dokumentatioun stellt de MENJE och e Vademecum zur Verfügung, an deem praktesch an administrativ Froen am Detail erkläert ginn. Dëst Dokument ewéi och aner wichteg Ressourcë sinn op alpha.script.lu disponibel.





Schulorganisation an Infrastrukturen

Wéi kann „ALPHA – zesumme wuessen“ an deene Schoulen organiséiert ginn, wou nëmme ganz wéineg Schüler op déi eng oder déi aner Alphabetiséierungssprooch orientéiert ginn?

E wichtege Prinzip vun der ëffentlecher Schoul ass, datt si fir all Schüler iwwerall am Land déi selwecht Offer garantéiert. Esou wäert och all Schüler d'Méiglechkeet kréien, a senger Schoul wéi ëmmer op Däitsch oder, elo nei, op Franséisch alphabetiséiert kënnen ze ginn. Et ass dofir keng Mindestzuel u Schüler fir en ALPHA-Grupp virgeschriwwen.

Am pedagogeschen Interessi vun de Schüler kann et awer sënnvoll sinn, zesumme mat der Gemeng lokal Léisungen ze sichen, besonnesch wa méi Schoulen an enger Gemeng sinn oder wann et méiglech ass, Gruppen no Cyclen ze bilden. Am Vademecum fënnt ee praktesch Beispiller, wéi esou Organisationsmodeller ëmgëssat kënnen ginn. D'Regionaldirektiounen ënnerstëtzen d'Schoule bei der Ëmsetzung vun der Reform *ALPHA – zesumme wuessen* am Interessi vun de Schüler.




Wéi ginn d'Klassen organiséiert, wann nëmme wéineg Schüler eng bestëmmten Alphabetiséierungssprooch gewielt hunn?

De Prinzip vun *ALPHA – zesumme wuessen* ass, datt grondsätzlech gemëschte Klassen zesummegehalt ginn, an deenen d'Schüler an hirem Sproochegrupp alphabetiséiert ginn a fir de Rescht an de sougenannten Niewefächer an der Klass zesumme léieren.


An deene Schoulen, wou d'Zuel vun de Schüler an engem Sproochegrupp ze kleng ass, fir esou eng gemëschte Klass ze bilden, sinn awer flexibel Organisationsléisunge méiglech. Wann eng sproochlech Mëschung ënner pedagogesch sënnvolle Konditiounen net méiglech ass, kann ausnamsweis och eng net gemëschte Klass gebilt ginn. Dat kann zum Beispill de Fall sinn, wann an enger Schoul mat véier Klassen am Cycle 2.1 nëmme véier Schüler déi selwecht Alphabetiséierungssprooch gewielt hunn. An deem Fall kënnen déi véier Schüler an enger Klass regroupéiert ginn, amplaz datt an all de véier Klassen ee Schüler mat där Alphabetiséierungssprooch eleng ass.

D'Regionaldirektiounen ënnerstëtzen d'Schoulen dobäi, déi Organisationsform ze fannen, déi fir d'Schüler am sënnvollsten ass. Dobäi sollen de pedagogeschen Interessi an d'Wuelbefanne vun de Schüler ëmmer am Mëttelpunkt stoen.

Beispiller fir d'Verdeelung vu klenge Sproochegruppen op d'Klassen:



Alpha FR Alpha DE



Ginn déi virgesi Ressourcen an de Contingent duer oder brauche verschidde Schoulen zousätzlech Moyenen? Falen aner Mesurë wéi zum Beispill den „Appui pédagogique“ ewech, wann de Contingent net duergeet?

D'Berechnung vum Contingent bleift onverännert. Wann awer a Schoule wéint *ALPHA - zesumme wuessen* zousätzlech Ressourcë gebraucht ginn, fir d'ALPHA-DE- an d'ALPHA-FR-Gruppen ze organiséieren, kënnen d'Gemengen eng *Demande de surplus* maachen.

Wann de Besoin kloer mat der Ëmsetzung vun *ALPHA - zesumme wuessen* a Verbindung steet an och pedagogesch ze vertrieën ass, gëtt d'Gesamtorganisatioun vun der Schoul gekuckt an et kann en zousätzleche Contingent accordéiert ginn. Esou Demandë ginn och elo schonn all Joer gestallt a ginn do, wou de Besoin gerechtfäerdigt ass, och accordéiert. Op nationalem Plang féiert dës Praxis all Joer dozou, datt ronn 5.000 zousätzlech *Leçons* zougedeelt ginn, fir op spezifesch Situatiounen anzugeen.

An der Pilotphas an och an de Simulatiounen, déi op den Aschätzunge vun den Enseignanten aus dem Cycle 1 baséieren, hu mer gesinn, datt d'Ëmsetzung vun der Reform *ALPHA - zesumme wuessen* a gréissere Schoule mat méi ewéi enger Klass pro Joergang an der Reegel méi einfach ass.

A kleng Schoulen, an deenen net mindestens zwou Klasse pro Joergang enseignéiert ginn, kann d'Ëmsetzung méi usprochsvoll sinn an et kënnen zousätzlech Ressourcë gebraucht ginn.

Dobäi soll awer sécher gestallt ginn, datt d'Schoulen hiren *Appui pédagogique* net an *Enseignement direct* mussen ëmwandelen, fir den zousätzlechen Ressourcëbedarf ofzedecken. Bis elo hunn d'Schoulen eng Rei sënnavoll Approchen entwéckelt, fir den *Appui pédagogique* am Interessi vun de Schüler ëmzesetzen. Et ass wichteg, datt dës Flexibilitéit an déi bewäert Praxis och weiderhin erhale bleiwen.

Fille sech d'Enseignantë bereet, fir d'Schüler op Franséisch ze alphabetiséieren?

Am Kader vun hirer Grondausbildung goufen déi meescht Enseignanten an der Alphabetiséierung an enger vun den zwou Schoulsproochen forméiert, ofhängeg vum Land, an deem si studéiert hunn. Vill Enseignanten zu Lëtzebuerg hunn hir Grondausbildung an der Belsch gemaach an do d'Prinzipie vun enger franséischer Alphabetiséierung geléiert.

Déi zukünfteg Enseignantë ginn am Kader vun hirer Ausbildung op der Uni.lu op d'Alphabetiséierung an deenen zwou Sproochen – Däitsch a Franséisch – virbereet.

Fir Léierpersonal, dat seng Kompetenzen an der Alphabetiséierung weider ausbaue wëll, bitt den IFEN geziilt Weiterbildung un.

Doriwwer eraus ginn d'Enseignantë bei all Etapp vun der Ëmsetzung vun der Reform mat dem entspreche Lërmaterial ënnerstëtzt, dat speziell fir déi franséisch Alphabetiséierung zu Lëtzebuerg ausgeschafft gouf.

D'Besetzung vun de verschiddene Poste vun den Enseignantë gëtt vum Gemengerot festgeluecht. Zu deem Zweck hält de Gemengerot e *Règlement d'occupation des postes* (ROP) un, deen d'Kontinuitéit an d'Stabilitéit vun der Zesummesetzung vun de pedagogeschen Ekippe bannent engem Cycle oder am Kader vum *Plan de développement de l'établissement scolaire* (PDS) garantéiert. D'Permutatiounen ännere sech och am Kader vun *ALPHA – zesumme wuessen* net. Si ënnerleien och weiderhin de Bestëmmunge vum ROP, deen d'Modalitéite fir d'Verdeelung vun de Posten a Funktiounen an de Schoulen um Gemengenniveau festleet.

Wann néideg, kann de *Service de l'enseignement fondamental* d'Gemengen dobäi begleeden, hiren ROP unzepassen, fir den Ufuerderung vum der Reform *ALPHA – zesumme wuessen* Rechnung ze droen.

Wat bedeit „ALPHA – zesumme wuessen“ fir d'Roll vum Titulaire?

D'Roll vum Titulaire bleift och am Kader vun *ALPHA – zesumme wuessen* am Grondsatz onverännert: Hien ass déi pedagogesch Referenzpersoun vun der Klass an dréit domat eng grouss Verantwortung.

Den Titulaire ass responsabel fir d'Begleedung vu senge Schüler an iwwerhëlt dobäi souwuel pedagogesch wéi och organisatoresch Aufgaben. Hien organiséiert den Unterrecht esou, datt all Schüler déi am Léierplang festgeluechten Ziler erreeche kënnen. Donieft dokumentéiert a bewäert hien hir Léierfortschrëtt reegelméisseg.

Den Titulaire informéiert d'Eltere periodesch iwwer d'Resultater an d'Fortschrëtt vun hirem Kand, sicht d'Gespréich, soubal Schwieregkeeten optrieden, an organiséiert reegelméisseg Informatiouns- an Austauschversammlunge mat den Elteren. Ausserdeem schafft den Titulaire enk mat den anere Membere vun der pedagogescher Ekip zesummen. Hie kooperéiert, wann néideg, mam spezialiséierten Enseignant fir Schüler mat spezifesch Besoinen (*instituteur spécialisé dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs spécifiques*, I-EBS), der Ekip fir d'Ënnerstëtzung vu Schüler mat spezifesch Besoinen (*équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques*, ESEB) an de Kompetenzzentren, fir d'Schüler optimal ze begleeden.

Mat der Aféierung vun dëser Reform entwéckelt sech de pedagogesch Kontext, an deem dës Aufgaben erfëllt ginn. Besonnesch an de Cyclen 2 an 3 kritt d'Zesummenaarbecht an der pedagogescher Ekip nach méi Bedeitung.

D'Primm fir Titularen ënnersträicht d'Unerkennung vun dëser Verantwortung an déi koordinativ Roll, déi den Titulaire am Kontext vun der Reform iwwerhëlt, a bleift dofir och weiderhi bestoen.

Soll d'Mathematik an de Sproochegruppen oder an der Klass enseignéiert ginn?

D'Mathematik kann an de Cyclen 2 an 3 entweder an den ALPHA-Gruppen (DE/FR) oder am Klassegrupp enseignéiert ginn.

Déi pedagogesch Ekippen hunn déi néideg Fräiheet, fir dës Organisatioun un hire lokale Kontext, d'Klassenzesummesetzung an d'Besoinen vun de Schüler unzepassen. Et ass recommandéiert, datt d'Schoul eng kohärent an ofgestëmmten Approche fir all Klassen entwéckelt, fir eng pedagogesch

Kontinuitéit ze garantéieren. Dës Entscheedung ass eng Fro vun der pedagogescher Organisatioun an net vum Contingent. Béd Organisatiounsmodeller goufen an de Pilotschoulen erprouft an hu sech als effikass erweisen. Vum Cycle 4 u ginn erëm all d'Fächer an der Klass enseignéiert.

De *Conseil scientifique*, deen d'Pilotschoulen enk suivéiert, huet ënnerstrach, datt d'Sproochesécherheet vun de Schüler – also d'Méiglechkeet, an enger Sprooch ze léieren, déi si verstinn a beherrschen – e méi entscheidende Faktor fir de Succès am Mathematikunterricht ass wéi d'konsequent Notze vun enger eenzeger Unterrichtssprooch. Dowéinst baséiert d'Léiermaterial op der gewielter Alphabetiséierungssprooch (Däitsch oder Franséisch) vun all Schüler. Déi mëndlech Erklärungen vun der Léierpersoun an den Austausch tëscht de Schüler kënnen awer op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch gefouert ginn.

Wat ass den Impakt vun „ALPHA – zesumme wuessen“ op d'Stonnepläng?

D'Pilotschoulen hu gewisen, datt d'Organisatioun vun de Stonnepläng och mat ALPHA-Gruppe machbar ass. Op där enger Säit mussen d'Sproochecoursen, a jee no Modell, deen d'Schoul gewielt huet, och d'Mathematik parallel organiséiert ginn. Op där anerer Säit bleift d'Schoul bei de sougenannten Niewefächer flexibel.

D'Stonnepläng ginn och weiderhin an Ofstëmmung tëscht de pedagogeschen Ekppen opgestallt a vum President vum Schoulcomité koordinéiert.

An der Praxis organiséieren d'Schoulen, déi op d'mannst zwou Klasse pro Altersgrupp hunn, d'Haaptfächer (Sproochen an eventuell d'Mathematik) parallel. Déi aner Fächer ginn dogéint an der Klass enseignéiert. Et ass also ganz gutt méiglech, datt zwou Klasse fir déi sougenannten Niewefächer ënnerschiddlech Stonnepläng hunn.

Fir d'Schoulcomitéë beim Ausschaffe vun de Stonnepläng ze ënnerstëtzen, gëtt aktuell gepréift, ob den Untis, eng Applikatioun fir d'digital Erstellung vun de Stonnepläng an de Planning vun der Raumnotzung, déi schonn am Secondaire agesat gëtt, un de Kontext vun *ALPHA – zesumme wuessen* ugepasst ka ginn. Esou hätt d'Schoul d'Méiglechkeet, beim Erstelle vum Horaire op dësen Outil zeréckzegräifen.

Beispill Stonneplang 1: An dëser Schoul lafen an zwou Klassen all d'Fächer parallel, souwuel déi, déi am ALPHA-Grupp enseignéiert ginn (Sproochen a Mathematik), ewéi och déi sougenannten Niewefächer.

Groupe ALPHA FR + groupe classe				
Lundi	Mardi	Mercredi	Jeudi	Vendredi
Mathématiques	Mathématiques	Natation / Éducation musicale	Vie et société	Éveil aux sciences
Allemand			Mathématiques	Mathématiques
Français		Français		
	Vie et société			
Luxembourgeois				
Éducation sportive		Éveil aux sciences		Éducation artistique
				Travaux manuels

Groupe ALPHA DE + groupe classe				
Lundi	Mardi	Mercredi	Jeudi	Vendredi
Mathématiques	Mathématiques	Natation / Éducation musicale	Vie et société	Éveil aux sciences
Français			Mathématiques	Mathématiques
Allemand		Allemand		
	Vie et société			
	Luxembourgeois			
Éducation sportive		Éveil aux sciences		Éducation artistique
				Travaux manuels

Beispill Stonneplang 2: An dëser Schoul lafe just d'Sproochen an den ALPHA-Gruppe vun zwou Klasse parallel. Déi aner Fächer sinn an den zwou Klasse flexibel organiséiert. D'Mathematik gëtt am Grupp „Klass“ organiséiert.

Groupe ALPHA FR				
Lundi	Mardi	Mercredi	Jeudi	Vendredi
Français	Français	Français	Français	Français
Français	Français	Français	Français	Mathématiques
	Mathématiques		Mathématiques	
Natation		Mathématiques		Mathématiques
	Éducation artistique		Allemand	Éveil aux sciences
			Vie et société	
Luxembourgeois		Éveil aux sciences		Éducation sportive
Éducation musicale				Vie et société

Groupe ALPHA DE				
Lundi	Mardi	Mercredi	Jeudi	Vendredi
Allemand	Allemand	Allemand	Allemand	Allemand
Allemand	Allemand	Allemand	Allemand	Mathématiques
	Mathématiques		Mathématiques	
Natation		Mathématiques		Éveil aux sciences
	Éveil aux sciences		Français	Vie et société
			Mathématiques	
Vie et société		Luxembourgeois		Éducation artistique
Éducation musicale		Éducation sportive		

Wat geschitt, wann net genuch Raim disponibel wieren?


Am Kader vun de Simulatiounen fir d'Organisatioun vun *ALPHA* – zesumme wuessen hunn déi meescht Schoule Léisunge fonnt, fir déi verschidde Sproochegruppen an hirem Gebai mat de bestoende Säll ze organiséieren. Dës Organisatioun muss awer och an Zukunft enk suivéiert ginn.


D'raimlech Organisatioun vun de Schoule bleift weiderhin an der Responsabilitéit vun de Gemengen. Nieft der demografescher Entwécklung ass och d'Ëmsetzung vun der Reform *ALPHA* – zesumme wuessen e Facteur, deem d'Gemege beim Planning vun hire Schoulinfrastrukture berücksichtegen mussen. De MENJE schafft dofir enk mat de Gemengen zesummen an ënnerstëtzt si, wann néideg, mat Recommandatiounen an Analysen.

Fir de Bedarf u weidere Raim ofzedecken, komme verschidde Léisungen a Fro. Differenzéierungsraum kënnen zum Beispill fir Sproochegruppe mat enger gerénger Zuel vu Schüler genotzt ginn. Donieft kann an den éischte Jore vun der Reform eng enk Kooperatioun mam *Service d'éducation et d'accueil* (SEA) zousätzlech Entlaaschtung bréngen. An eenzelne Fäll kann et awer och néideg sinn, op temporär Léisungen, wéi modular Bauten, zeréckzegräifen.

Aus deem Grond erstellen d'Comitéen och an den nächste Joren eng Simulatioun fir déi zukünfteg Joergäng an Zesummenaarbecht mat hirer Regionaldirektioun, fir eventuell zousätzlech Besoine scho fréi ze identifizéieren.

Beim Planning oder beim Bau vun neie Schoule soll de Modalitéite vun der Reform vun Ufank u Rechnung gedroe ginn.





**Orientation
an Information**

Wéini kann d'Bilansgespréich iwwer d'Orientatioun am Kader vun der Alphabetiséierungssprooch fréistens stattfannen, esou datt d'Schoul nach genuch Zäit fir hir Schoulorganisatioun huet?

D'Bilansgespréich ka schonn am Ufank vum fënneften Trimester vum Cycle 1 gefouert ginn. Dat gëtt de Schoulen d'Méiglechkeet, déi wichteg Informatiounen iwwer déi gewielten Alphabetiséierungssprooch ze sammeln, nach ier de Contingent publizéiert gëtt, an hir Schoulorganisatioun esou matzäit virzebereeden.

Am Bilansgespréich gëtt den Titulaire, als Vertrieder vun der pedagogescher Ekipp, den Elteren eng Recommandatioun fir d'Alphabetiséierungssprooch vun hirem Kand. Doropshin treffen d'Elteren hir Decisioun, déi dann aktéiert gëtt.

Wéi soll d'pedagogesch Ekipp reagéieren, wann d'Elteren eng aner Entscheedung huele wéi déi recommandéiert?

De Choix vun der Alphabetiséierungssprooch läit eleng bei den Elteren. Si ginn an hirem Choix vun der pedagogescher Ekipp begleet.

Beim Orientatiounsgespréich ass et dofir fir d'Léierpersonal wichteg, den Echange mat den Elteren op déi tatsächlech Besoine vum Kand an op déi konkret Konsequenze vum Choix vun der Alphabetiséierungssprooch auszeriichten. D'Eltere ginn och doriwwer informéiert, datt et net recommandéiert ass, eng Alphabetiséierungssprooch ze wielen, déi méi wäit vun der Familljesprooch vum Kand ewech ass, nämme mam Zil, eng nei Sprooch zwee Joer éischer ze léieren. D'Zil ass et, den Elteren eng Entscheedung ze erméiglechen, déi am beschten zum schoulesche Succès vun hirem Kand bäidroen kann.


Wann néideg, kënnen och aner Fachleit an d'Gespréicher agebonne ginn, zum Beispill den I-EBS, e Member vun der pedagogescher Ekipp aus dem Cycle 1 oder eng Léierpersoun aus dem Cycle 2.

Wann d'Elteren hir Decisioun geholl hunn, muss dës respektéiert ginn, an d'Entscheedung ass aus organisatoresche Grënn och als definitiv unzegesinn. Dobäi ass et och wichteg ze berücksichtegen, datt et net an all Situatioun eng eendeiteg Alphabetiséierungssprooch gëtt an och Facteure wéi d'Sproochkompetenze vun den Elteren an d'Entscheedung afléissen.

ARBRE DES LANGUES



Conseil linguistique :
Wolfgang Moser,
Urania Steiermark



Wéi gi Schüler orientéiert, déi net kloer engem germanofonen oder romanofone Sproocheprofil zouzeuerdne sinn?

An eenzelne Fäll léisst sech net direkt eng kloer Recommandatioun fir déi däitsch oder franséisch Alphabetiséierungssprooch formuléieren. An esou Situatiounen ass den Orientatiounsfroebou e wichtegt Hëllefsmëttel. Dësen Outil kann net nëmmen an dëse Fäll, mee och generell d'Léierpersonal an d'Eltere bei der Wiel vun der Alphabetiséierungssprooch ënnerstëtzen (edulink.lu/11ua).

Goufen d'Informatiounen iwwer d'Sproochkompetenze vum Kand, säi Sprooch-gebrauch an der Famill an a sengem Ëmfeld zesummegedroen, léisst sech an de meeschte Fäll eng eendeiteg Tendenz erkennen. Bleift d'Orientéierung onkloer, ginn zousätzlech Krittäre berücksichtegt, wéi zum Beispill d'Sprooch, déi d'Kand spontan wíelt, wann Aktivitéiten op Däitsch a Franséisch ugebuede ginn, oder d'Sprooch, an där seng Elteren et am beschten ënnerstëtze kënnen.

Wéi kann d'Léierpersonal d'Elteren informéieren, déi weeder Lëtzebuergesch, Däitsch nach Franséisch schwätzen?

Fir dës Elteren ze erreechen, stinn dem Léierpersonal verschidde Méiglechkeeten zur Verfügung.

Den Handout (heydoo.lu), deen dem Léierpersonal fir d'Presentatioun am Kader vun der Informatiounsversammlung iwwer *ALPHA – zesumme wuessen* zur Verfügung gestallt gëtt, ass zum Beispill och op Englesch disponibel. Wann nach weider Sprooche gebraucht ginn, kënnen interkulturell Mediateuren op d'Eltereversammlungen a -gespréicher invitéiert ginn, fir eng gutt Kommunikatioun an e géigesäitegt Versteesdemech ze garantéieren.

Zousätzlech stinn op alpha.script.lu Informatiounen op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch a Portugisesch zur Verfügung. Videoe mat Erklärungen sinn op Lëtzebuergesch a Franséisch disponibel a mat engleschen a portugiseschen Ënnertitele versinn.

Wéi ka séchergestallt ginn, datt d'Elteren den Ënnerscheed tëschent der „Alphabetiséierung an enger Sprooch“ an dem „Léiere vun enger Sprooch“ verstinn?

D'Léierpersonal spillt eng zentral Roll, fir den Elteren den Ënnerscheed tëscht der Alphabetiséierung an enger Sprooch an dem Léiere vun enger Sprooch ze erklären. Am Kader vun hire Concertatiounen analyséiert déi pedagogesch Ekipp d'Sproocheprofiller vun de Schüler a recommandéiert fir all Kand déi Alphabetiséierungssprooch, déi am beschte gëeegent ass.


Fir d'Elteren am Kader vun de Bilansgesprécher kompetent ze begleeten, gëtt d'Léierpersonal duerch Formatiounen an Hëllefsmëttel ënnerstëtzt. Dozou gehéieren ënnert anerem den Orientatiounsfroebou, de Sproochebam souwéi eng PowerPoint-Presentatioun an en Handout an dräi Sproochen, déi ënnert anerem den Ënnerscheed tëscht der Alphabetiséierung an enger Sprooch an dem Léiere vun enger Sprooch kloer erklären.

Wéi geet de Schoulparcours vun de Schüler nom Cycle 4 am „Enseignement secondaire“ weider?

Um Enn vum Cycle 4 ginn d'Schüler am Aklang mat der aktueller Orientéierungsprozedur an deem *Ordre d'enseignement secondaire* orientéiert, deem hire Kompetenzen an hiren Interessie gerecht gëtt.

D'Hauptzil vun der Reform *ALPHA* – zesumme wuessen ass et unzestriewen, datt all Schüler um Enn vum Cycle 4 déi am Léierplang definéiert *Niveaux socles* am Franséischen an am Däitsche soll erreechen, déi fir de weidere schoulesche Parcours am *Enseignement secondaire* gebraucht ginn.

Iwwer déi lescht Joren huet den *Enseignement secondaire* seng frankofon Offeren och staark ausgebaut. Esou erméigleche mir méi Schüler hire schoulesche Parcours an där Sprooch ze maachen, an där si am beschte léieren. D'Erweiterung vun der Offer u franséischsproocheghe Klassen dréit esou dozou bäi, d'Chancëgläichheet an de gesellschaftlechen Zesummenhalt ze stäerken an dobäi gläichzäiteg de Virdeel vun der Méisproochegkeet ze erhalen, deem d'Lëtzebuurger Schoul auszeechent.



Didaktesch Materialien

Wäerten all déi nei Léiermaterialie matzäit disponibel sinn?

D'Reform *ALPHA* – zesumme wuessen gött schrëttweis an deenen eenzelne Cyclë landeswäit ëmgəsət. D'Léiermaterialien, déi vu villen Enseignanten aus Lëtzebuerg zesumme mam *SCRIPT* ausgeschafft ginn, si spezifesch fir eise Lëtzebuerger Kontext a si matzäiten disponibel, wann d'Reform *ALPHA* – zesumme wuessen an de jeeweilege Cyclen a Kraaft trëtt.


Fir de Cycle 1 sinn all d'Léiermaterialie prett. De Programm *Phonologesch Bewusstheet mam Sila* behält weiderhi seng Wichtigkeet an déi dozou-gehéiereg App ass op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch disponibel.

Fir d'*Sproochekëscht* ass ab dem éischten Trimester 2026/2027 nieft den 108 Aktivitéiten, déi schonn dra sinn, e Set mat weideren 48 Aktivitéiten disponibel (24 op Däitsch a 24 op Franséisch), fir d'Schüler geziilt op déi jeeweileg Alphabetiséierungssprooch virzebereeden.

Zousätzlech gött dat neit Material *Zack, a lass!* an enger provisoirescher Versioun zur Verfügung gestallt, fir d'graphomotoresch Kompetenze vun de Schüler als Virbereedung op d'Alphabetiséierung ze stäerken.

Fir de Cycle 2 wäert dat neit Material fir de Sproochenunterricht, *Mission Alpha ! an Lole, Lu und du*, prett sinn an d'Material fir de Mathe-matiksunterricht *Mathi* wäert zu deem Zäitpunkt och op Franséisch disponibel sinn.

D'Léiermaterialie fir de *Cours Vie et société* si schonn elo zweesproocheg disponibel a kënnen an der Print-versioun bestallt ginn (heydoo.lu). Dat gëllt och fir d'Publikatioun *Meng éischt 100 Deeg am Cycle 2*, déi et erméiglecht, am ALPHA-DE-Grupp grad ewéi am ALPHA-FR-Grupp déi selwecht Ritualer duerchzeféieren. Och weider Materialie wéi *WOW a FuDo* sinn elo schonn zweesproocheg disponibel.



De Lancement vun den neien Alphabetiséierungsbicher fir de Cycle 2 fënnt den 18. Mee 2027 am Forum Geesseknäppchen statt. Gläichzäiteg ginn dee Moment d'Aschreiwunge fir d'Formatiounen op. Dës bestinn aus engem éischten asynchronen Deel an engem zweeten Deel, deen am Kader vu regionale Journéeën am Juni an am September 2027 stattfënnt.


Sinn déi däitsch a franséisch Léiermaterialie pedagogesch openeen ofgestëmmt?

Jo, dat franséischt Unterrechtmaterial *Mission Alpha* ! an dat däitscht Léiermaterial *Lole, Lu und du* sinn, souwäit et méiglech ass, pedagogesch openeen ofgestëmmt.

An de Bicher ginn déi selwecht Theeme behandelt. Dat erméiglecht och e gemeinsaamt transversaalt Schaffen an de sougenannten Niewefächer. Ausserdeem schléisst all Buch mat enger Aktivitéit of, déi a béiden ALPHA-Gruppe kann duerchgefouert ginn.

Och d'Schrëft, de Lignage, d'Mondbiller an d'Piktogrammer si fir béid Léiermaterialien déi selwecht. Ënnerscheeder ginn et awer bei der Progressioun an dem *Cadre narratif*, déi un déi jeeweileg Alphabetiséierungssprooch ugepasst sinn.

D'Aarbechtsgruppe stinn an engem enken Austausch a schaffe gezielt dorun, iwwerall do, wou et méiglech ass, Brécken tëscht ALPHA DE an ALPHA FR ze bauen.





**Formation
an Ausbildung**


Sinn d'Studente fir den Enseignantsberuff op „ALPHA – zesumme wuessen“ virbereet? Wéi ass et mat den „Enseignants-stagiaires“ an de Remplaçanten?

D'*Formation initiale* an d'*Formation continue* vum Léierpersonal sinn eng zentral Viraussetzung fir de Succès vun der Reform. Fir d'Virbereedung op d'Alphabetiséierung ze assuréieren, schafft de MENJE enk mam IFEN a mat der Uni.lu zesummen.

D'Uni.lu huet an deem Zesammenhang en Expert fir d'Didaktik vum Franséischen agestellt, deen och Member vum *Conseil scientifique* ass. Zousätzlech gouf de Studium ugepasst, fir d'Studente geziilt op *ALPHA – zesumme wuessen* virzubereeden: D'Studente kréien eng spezifesch ALPHA-Formatioun am Kader vun hirem Studium am 3. oder am 4. Semester. Och fir d'Studente vum drëtte Joer ass e passende Formatiounsdispositiv virgesinn.

Fir déi zukünfteg *Enseignants-stagiaires* gëtt an Zesummenaarbecht mam IFEN eng spezifesch Formatioun ausgeschafft, fir si konkreet op d'Ëmsetzung vun *ALPHA – zesumme wuessen* virzubereeden an am Stage ze begleeten. Och d'*Remplaçants permanents* huelen elo schonn u Weiderbildungen deel.

Iwwer dës Moosnamen eraus gëtt eng laangfristeg Formatiounsoffer opgebaut, fir d'Léierpersonal nohalteg bei der Ëmsetzung vun der Reform ze begleeten. Si ëmfaasst ënner anerem Formatiounen iwwer d'Alphabetiséierung, d'Elterenaarbecht an dat neit Léiermaterial souwéi weider thematesch Offeren, déi sech un de Besoine vum Terrain orientéieren.





Wissenschaftlich Begleitung von der Reform

Wat seet déi wëssenschaftlech Begleedung zu der Reform a wéi reagéiert de Ministère op déi verschidde Rapporten?

Natierlech gouf de Minister an den Echangingen op d'Evaluatioun an op de rezente Rapport vum *Luxembourg Centre for Educational Testing* (LUCET) ugesprach.

Zënter dem Lancement vun de véier Pilotschoulen am Joer 2022 gëtt *ALPHA – zesumme wuessen* als Projet wëssenschaftlech enk begleitet. Niewent den Observatiounen vum *Conseil scientifique* an de Regionaldirektiounen aus de Pilotschoule sinn dat Analyse vun der Uni.lu, dem LUCET esou wéi och Interviewe mat Schüler, Elteren an Enseignanten, déi am Moment vun *ALPHA* profitéieren. Déi quantitativ a qualitativ Evaluatiounen beliichten de Projet aus ganz ënnerschiddleche Perspektiven, beurteilen déi organisatoresch Machbarkeet, déi schoulesch Leeschtungen an och d'Perceptioun vun deene verschiddenen Acteuren. Si ginn eis reegelméisseg eng méiglechst ganzheetlech Analys, wéi eng Wierkung d'Reform op d'Kanner, d'Enseignanten an d'Elteren huet.

Generell erliewen déi eenzel Acteuren d'Ëmsetzung vun *ALPHA – zesumme wuessen* als ganz positiv, esou datt de *Conseil scientifique*, deen d'Pilotschoule vun Ufank u begleitet huet, grad ewéi scho virun engem Joer eng positiv Conclusioun zitt.

Wat déi schoulesch Leeschtungen ubelaangt, ginn et ënnerschiddlech Bewäertungen. Op där enger Säit ginn d'Zuele vun den Allongementen weider erof, woubäi gewosst ass, datt e kontinuéierleche schoulesche Parcours eng wichteg Viraussetzung fir déi schoulesch Reussite ass. An de Pilotschoulen ass den Taux vun Allongementen par rapport zu deenen aacht Schouljore virun der Reform ëm 35 % zeréckgaang. Par contre konnt de LUCET vun der Uni.lu zwar eng méi héich Motivatioun bei de Schüler feststellen, mee keng generell Verbesserung vun de schoulesche Leeschtungen. De LUCET verweist an dësem leschte Constat awer selwer op statistesch Onsécherheeten an dorop, datt d'Tester am Cycle 3.1 nach ze fréi am Parcours vun de Schüler sinn, fir zu kloeren Aussoen ze kommen. Dëse Punkt muss sécherlech déi nächst Jore weider am A behale ginn.

D'Reform wäert och no der Generaliséierung enk wëssenschaftlech suivéiert ginn a vun engem *Comité d'accompagnement* aus Regionaldirekteren, Vertrieeder vun de Gewerkschaften an Elterevertreeder begleitet ginn.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Informationensowender

Kommt lech iwwer d'Reform „ALPHA – zesumme wuessen“ informéieren,
mat där an der Grondschoul d'Wiel vun der Alphabetiséierungssprooch
(Däitsch oder Franséisch) agefouert gëtt.

2026

10.11.
18:30-20:00 Auer
Gréiwemaacher
Centre culturel Machera
3, pl. du Marché aux Bestiaux

2026

16.11.
18:30-20:00 Auer
Stad Lëtzebuerg
Forum Geesseknäppchen
40, bd Pierre Dupong

2026

18.11.
18:30-20:00 Auer
Zolwer
Artikuss
3, rue Jean Anen

2026

24.11.
18:30-20:00 Auer
Dikrech
Al Seeërei
rue de l'Industrie

A Presenz vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude Meisch
Méi Informatiounen: alpha.script.lu

